PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: CLEMENT Sven & GOERGEN Marc

Séance Plénière 29.06.2021

Lëtzebuerg, , , den 01/07/2021

Resolutioun

D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:

- Dass d'EU Parlament den 11 Mäerz 2021 eng Resolutioun ugehol huet, déi festhällt : "1. Hereby declares the European Union an 'LGBTIQ Freedom Zone'; 2. Denounces all forms of violence or discrimination against persons on the basis of their sex or sexual orientation";
- Dass dat ungaresch Parlament rezent ee Gesetz gestëmmt huet, mat deem d'Rechter vun der LGBTIQ+-Communautéit staark ageschnidde ginn;
- Dass d'EU-Kommissiounspresidentin d'Gesetz als Schan deklaréiert huet an d'EU-Kommissioun juristesch wëll géint Ungarn virgoen, falls d'Orbán-Regierung net alenkt. An dass des Weideren 13 EU-Memberstaaten, op Initiativ vun de Benelux-Länner, eng Resolutioun ënnerschriwwen hunn, an där si hiren Desaccord mam ungaresche Gesetz zum Ausdrock bréngen;
- Dass schonn Acteuren um localen Niveau, wéi d'Stied Esch a Lëtzebuerg an d'Gemeng Remmleng, sech zu LGBTIQ+ Freedom Zone erkläert hunn;

Aus dëse Grënn decidéiert d'Chamber vun den Deputéierten:

1. Ganz Lëtzebuerg offiziel zu enger LGBTIQ+ Freedom Zone z'erklären.